N°3775
Entrée le 16.04.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

**Äntwert vum Kulturminister op d'parlamentaresch Fro n° 3775 vum 16. Mäerz 2026 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

1. **Kann de Minister präziséieren, wéi vill Mataarbechter vun dëser Firma vun der Faillite betraff sinn?**

Et hu fënnef Employéë fir dës Firma geschafft.

2. **Kann de Minister opläschten, wéi vill Suen d'Produktiounsfirma insgesamt aus dem Staatsbudget krut, opgeschlësselt pro Joer a Subside?**

Am Tableau an der Äntwert op d'Fro 3401 vum 7. Januar 2026 ass de Gesamtmontant un AFS (*aides financières sélectives)* ersiichtlech.

3. **Huet dës Firma, geméiss dem Artikel 9 vum Gesetz vum 22te September 2014 iwwert de Filmfong, hir Recetten un de Filmfong zeréckbezuelt a falls jo, wéi vill?**

Vun den deklaréierte Recetten stinn nach 62.817,75 € op, déi d'Firma dem Filmfong iwwerweise muss.

4. **War de Filmfong oder d'Regierung am Viraus vun den Demanden fir d'Subsiden iwwert déi finanziell Schwieregkeeten vun dëser Firma informéiert, a wann jo, huet dëst eng Roll gespillt?**

2022 huet de Filmfong éischt Indicen op finanziell Schwieregkeete bei PTD festgestallt, déi sech am Laf vun 2023 konkretiséiert hunn. Duerno huet de Filmfong keng nei Projete vun der Firma ënnerstëtzt.

5. **Kruten aner Societéiten, déi dem selwechte Beneficiare effectif vu Paul Thiltges Distributions Sàrl gehéieren, och Subside vum Filmfong ausbezuelt? Falls jo, wéi eng a wéi vill iwwert déi lescht 10 Joren?**

Et gëtt keen anere Beneficiare effectif vu PTD ewéi hei beschriwwen, deen Aidë krut.

6. **Wéi ass d'Rechtslag betreffend de Auteursrechter vun de Filmer, déi d'Firma mat Hëllef vum Filmfong produzéiert huet, am Fall vun dëser Faillite gereegelt?**

Am Fall vun enger Faillite ass et dem Curateur seng Missioun, d'Mass vun der Faillite ze realiséieren. Dat mécht en notamment andeems en d'Rechter verkeeft. D'Rechteropdeelung ass vu Produktioun zu Produktioun verschidden, a Funktioun vun den eenzelne Koproduzente vun deene jeeweilege Filmer. De Filmfong huet keen Afloss op d'Aarbecht vum Curateur.

Lëtzebuerg, de 16. Abrëll 2026

De Kulturminister

(s.) Eric Thill